N°578
Entrée le 04.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.04.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdeedegung & Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Bei engem Nato-Treffen den 3ten Abrëll gouf iwwert d'Schafung vun engem Fong fir d'Ukrain diskutéiert. An dësem Fong sollen 100 Milliarden iwwert déi nächst 5 Joer gesammelt ginn. D'Zil ass dem NATO-Generalsekretär Jens Stoltenberg no: "*der Ukrain eng zouverlässeg a previsibel Ënnerstëtzung op laang Siicht [ze] garantéieren, fir datt mer manner op fräiwëlleg Bäiträg, a méi op fest NATO-Engagementer setze kënnen. Manner kuerzfristeg Offeren, méi Engagementer iwwer Joren.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gouf Lëtzebuerg scho virum Nato-Treffe vum 3ten Abrëll am Kontext vum geplangte Fong approchéiert? Wa jo, wat war d'Positioun vun der Regierung zu dëser Iddi?

2. Plangt Lëtzebuerg, sech un dësem Fong ze bedeelegen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten